1-2021-0-J-7005-01 (n°3800)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Débat suivant declarat° gouv. iwwert d'Flambée vun den Energiepräisser

Lëtzebuerg, den 10/03/2022

3

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Opgrond vum aktuelle geopolitesche Kontext sinn d'Präisser fir fossil Energien hei am Land an d'Luucht geschoss a vill Mënschen hei am Land kréien de Problem, dass si hier Gas- oder Masuttrechnungen net méi bezuele kënnen;
- Fir der Hausse vun den Energiepräisser entgéint ze wierken, huet d'Regierung deklaréiert, dass eng Energieprimm an Héicht vun 200 bis 400 Euro agefouert gëtt, jee no Gréisst an Akommes vum Haushalt;
- D'Allocation de vie chère gëtt nëmmen ee Mol am Joer ausbezuelt, mee d'Leit brauchen d'Suen elo wann hier Rechnunge kommen;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. all Haushalt, deen net elegibel ass fir d'Energieprimm ze kréien a manner wéi 1,5 Mol de Median-Akommes pro Mount verdingt, eng eemoleg Energie-Primm an Héicht vun 100 Euro auszebezuelen.
2. dës Primm duerch de Surplus u Recetten ze finanzéieren, déi de Staat duerch d'Hausse un den Energiepräisser gewonnen huet.
3. d'Primm direkt am Abrëll auszebezuelen.

Marc Goergen

Sven CLEMENT